

Friemwierder am Lëtzebuergesch

1. Liest déi allgemeng Reegelen zu de Friemwierder, esou wéi se am offizielle Regelwierk vun der Lëtzebuenger Orthografie presentéiert ginn.

7. D'Friemwierder

7.1 Allgemeng Reegelen

Friemwierder si Wierder, déi net komplett un eis Sprooch ugepasst sinn. Dat gëtt däitlech duerch e friemt Element, z. B. en Accent an der Schreifweis ewéi bei *Boîte* oder en nasale Laut an der Aussprooch ewéi bei *Timber*.

Am Prinzip gëtt de Friemwierder hir Schreifweis bäibehalen. Substantiven aus frieme Sprooche ginn awer groussgeschriwwen:

Abus, Accent, Accident, Accord, Concours, Courage, Dictionnaire, Ministère, Trottoir, Jeep, Lobby, Party, Weekend

Bemierkung: Friem Substantive ginn an net substantiveschen Ausdréck klenggeschriwwen:

d'accord (sinn), par défaut, par rapport, by the way, on the road
Dat ass bottom-up. Mee: eng Bottom-up-Approche

De Pluriel vu Friemwierder gëtt meeschtens mat de lëtzebuergesche Plurielendungen *-(e)n* oder *-er* gebilt:

Accidenter, Concoursen, Jeepen, Partyen, Trottoiren

Lautlech integréiert Friemwierder kënnen komplett an déi lëtzebuergesch Schreifweis iwwerholl ginn; déi stinn dann am LD.

Büfdeck (oder: Bifdeck), Diwwi, Fissi, Jelli, Koseng, Monnonk, Schantjen, Tëlee, Vëlo, Wallis, zerwéieren, Ziwwi

©D'Lëtzebuenger Orthografie. SCRIPT/ZLS, 4. Oplo, Lëtzebuerg 2022

Dat ganzt Regelwierk zu der Lëtzebuenger Orthografie fannt Dir hei:
<https://portal.education.lu/zls/ORTHOGRAPFIE>

2. Gitt op www.lod.lu a lauschtert d'Aussprooch vun dese Wierder am Singular an am Plural: *Abus, Accent, Accident, Accord, Concours*. Wat fällt Iech op? Diskutéiert zesummen a kleng Gruppen a sicht nach aner esou Wierder.

3. Maacht elo den Exercice vum Ortho-Trainer. Online fannt Dir diesen Exercice hei: <https://ortho.lod.lu/r09a.html>

Ortho-Trainer
D'Lëtzebuenger Orthografie mam Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch

viregt Säit
9a. Friemwierder: Aféierung
nächst Säit

9a. Friemwierder: Aféierung

Friemwierder si Wieder, déi net komplett un eis Sprooch ugepasst sinn. Dat gëtt däitlech duerch e friemt Element, zum Beispill en Accent ewéi bei Crème oder en nasale Laut ewéi bei Timber. D'Schreifweis vun de Friemwierder gëtt am Prinzip bäibehalen.

a. Substantive gi groussgeschriwwen:
Accident, Courage, Dictionnaire, Party, Weekend

b. Substantive ginn an net substantiveschen Ausdréck klenggeschriwwen:
d'accord sinn, par rapport, by the way

c. Friemwierder, déi lautlech integréiert sinn, kënnen komplett an déi lëtzebuergesch Schreifweis iwwerholl ginn. D'Schreifweis gëtt da konsequent un déi lëtzebuergesch Reegelen adaptéiert:
Bifdeck, Büfdeck, Diwwi, Kaddo, Koseng, Monnonk, Schantjen, Wallis, Ziwwi

d. Verschidde Wieder kréien eng typesch Lëtzebuenger Form fir de Pluriel oder aner ofgeleete Formen:
ee Coup – zwee Ki, bordeaux – mat senge bordoosse Schong

Wat fir e Wuert ass richtig geschriwwen?

<input type="radio"/> par rapport	<input type="radio"/> par Rapport
<input type="radio"/> en trottoir	<input type="radio"/> en Trottoir
<input type="radio"/> e Kaddo	<input type="radio"/> e Kado
<input type="radio"/> den accord	<input type="radio"/> den Accord
<input type="radio"/> Wallis	<input type="radio"/> Walis
<input type="radio"/> d'Accord sinn	<input type="radio"/> d'accord sinn
<input type="radio"/> Vélo	<input type="radio"/> Vélo
<input type="radio"/> Monnonk	<input type="radio"/> Mononk
<input type="radio"/> de ministère	<input type="radio"/> de Ministère
<input type="radio"/> on the Road	<input type="radio"/> on the road

Verbesseren

©Screenshot vun <https://ortho.lod.lu/r09a.html>, 10.05.22

4. Wéini ginn d'Friemwierder am Lëtzebuergesch an hirer original Schreifweis geschriwwen a wéini kréie se eng „lëtzebuergesch“ Schreifweis? Gitt op den Internetsite vum Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch an informéiert Iech iwwert dës an nach aner heefeg Froen zur lëtzebuergescher Orthografie: <https://portal.education.lu/zls/ORTHO-FAQ>

Wéini kréie Wieder eng „lëtzebuergesch“ Schreifweis?

Déi orthografesch Integratioun vu Wieder ass e kontinuierleche Prozess. Op där enger Säit si mer an enger Phas, an där sech vill Leit un dat geschriwwent Lëtzebuergesch gewinnen, an op där anerer Säit bleift d'Lëtzebuergesch eng Sprooch mat ville „frieme“ Wieder, déi och aus lautleche Grënn schwéier ze integréiere sinn. Duerch den Nasalvokal wäert e Wuert wéi [Chance] deemno keng lëtzebuergesch Schreifweis kréien. Et gouf en Effort gemaach, fir insgesamt méi lëtzebuergesch Grafien zouzeloossen, ouni dat ganz Schrëftbild vun eiser Sprooch op d'Kopp ze geheien. Hei soll et an Zukunft ëmmer nees Publikatiounen ginn, déi erklären, wéi eng Wieder eng lëtzebuergesch Schreifweis kréien.

©Screenshot vun https://portal.education.lu/zls/ORTHO_FAQ, 10.05.22

5. Deelt Iech a Gruppen op. Lauschtert pro Grupp eng vun den Episoden 24-29 iwwert „Lëtzebuergesch richtig schreiwen“ vum ZLS (<https://play.rtl.lu/search/ZLS>). Erzielt an der Klass, ëm wat et an där Episod geet a wat d'Haaptreegel ass.